



Här Oberweis fir déi Fro. De Problem stellt sech natierlech just: Op Saarbrécken, also, do ass einfach verpasst ginn - dat musse mer esou soen, wéi et ass, an et huet och een et opgeworf -, wéi decidéiert ginn ass, eng Autobunn op Saarbrécken ze bauen op Lëtzebuerger Säit, do war deemools eng Diskussioun, ob een net soll eng nei Eisebunnstreck och bauen op Saarbrécken, mä dat ass awer leider ze spéit. Do ass och haut näischt méi ze maachen. Mir hunn dat alles nach eng kéier préiwe gelooss. Mä duerfir gëtt et schwierig, fir den Uschloss Saarbrécken ze maachen.

Wat dat anert ubelaangt, Dir kritt natierlech eng Verbindung Saarbrécken-Tréier, déi gëtt et, an déi gëtt och am Dezember, wann de Rheinland-Pfalz-Takt agefouert gëtt, verbessert vun der däitscher Säit aus gesinn, fir eben och vun do Leit séier op Tréier ze bréngen. Wat natierlech och e Virdeel fir eis ka sinn, well, wa mer dann am Hallefstonnentakt an der Spëttestonn eroffueren, mer och aus där Regioun Leit iwwer Tréier op Lëtzebuerg kéinte kréien.

Just nach vläicht ee Wuert zu Frankräich. Ech mengen, do ass et am schwierigsten, well et och a Frankräich ganz schwéier ass, fir en Uspréchpartner ze fannen. Do muss ee fir alles op Paräis goen. D'Regioun ass meeschtens mat allem averstanen oder mat villem, mä d'Regioun huet näischt ze soen. Dat ass de Problem.

An ech kann lech just soen, mir hu vill Problemer mat de Fransousen, och zum Beispill wat de Sécherheetssystem ECTS ubelaangt, wat jo den europäesche Standard soll sinn, wou d'Kommissioun och misst derfir suergen, dass e grousst Land wéi Frankräich deen och applizéiert, mä d'Fransousen hate bis elo refuséiert. Ech hunn elo e Brëif un d'Madame Royal geschriwwen vun dräi Säiten, an ech wäert och versichen, elo e Rendez-vous zu Paräis ze kréien, fir mat hir doriwwer ze diskutéieren.

Mä ech kann lech just soen: De Problem ass einfach a Frankräich, Paräis ass wäit ewech fir si vu Lëtzebuerg an d'Problemer vun der Lorraine - hunn ech heiansdo d'Impressioun - sinn net déi prioritäerste Problemer vun de Fransousen, also vun der Regierung zu Paräis. Mä bon, mir versichen awer och do natierlech Verbesserungen ze maachen.

Wat awer sécherlech besser gëtt, dat ass, wann d'Beetebuerger Streck op véier Spueren, also véier Gleiser ausgebaut gëtt. Dat gëtt eis méi Capacitéit an da kënne mir mindestens bis Thionville méi ubide wéi haut, vill méi wéi haut. Also, dat heescht, d'Capacitéit immens eropschrauwen. An d'Gare Lëtzebuerg kritt jo nach e fénneften a sechste Quai an deen ass haaptsächlech geduecht och fir no Süden, sou-dass och d'Capacitéit awer ganz sécher fir d'Grenzregioun vun där Wart hier wäert besser ginn.

Dat gesot, Här President, soen ech Merci fir déi breet Zoustëmmung, an duerfir freeën ech mech dorobber, an da kënnen den Här Fox a seng Equipe direkt ufänken am Hierscht, am September, mat schaffen.

► **M. le Président.** - Merci och. A mir géifen dann och direkt zur Ofstëmmung iwwert de Projet 6654 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6654 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. An de Vote ass ofgeschloss.

(Brouhaha)

► **M. Aly Kaes** (CSV). - Den Här Berger soll sech ëm seng Ofstëmmung këmmere an net ëm meng.

(Hilarité)

► **M. le Président.** - De Projet de loi ass mat 57 Jo-Stëmme bei enger Enthaltung ugehall.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6654 est adopté par 59 voix pour.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par M. Marcel Oberweis), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker (par Mme Nancy Arendt), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mme Cé-cile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

An ech géif d'Chamber froen, ob se d'accord ass, fir d'Dispens vum zweete verfassungsméis-sege Vote ze ginn.

(Assentiment)

Dat ass dann esou decidéiert.

Mir géifen dann zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 6697 iwwert déi éischt Phas vum Bau vun der Cité des Sciences, wou et drëm geet, fir d'Ausstattung vun deene Gebailechkeeten ze finanzéieren. D'Wuert huet direkt d'Rapportrice vum Projet, d'Madame Josée Lorsché.

6. 6697 - Projet de loi relatif à l'équipement meublant, scientifique, informatique et autre de certains bâtiments de la Cité des Sciences à Belval

Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*. - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, beim Projet de loi 6697 geet et ëm den Équipement vun de Gebailechkeeten, déi an déi éischt Bauphas vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation um Site vu Belval falen.

Den 13. Juni 2014 ass de virleiende Projet de loi vum Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister déposéiert ginn. De 24. Juni 2014 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn.

An der Sëtzung vum 3. Juli 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An darselwechter Sëtzung huet d'Nohaltegkeetskommissioun, zesumme mat der Kommissioun vum Enseignement supérieur et de la Recherche, souwuel de Projet de loi wéi och den Avis vum Statsrot an alle Punkten analyséiert an deementspriedend Adaptatiounen um Projet de loi virgeholl.

De 7. Juli 2014 huet d'Kommissioun mä Rapport unanime ugehall. Dir kënnt also feststellen, léif Kolleginnen a Kollegen, datt et des kéier ganz séier gaangen ass. Net emol ee Mount no sengem Dépôt steet dës Projet de loi um Ordre du jour vun der Chamber. An deem Sënn wëilt ech als Presidentin vun der Nohaltegkeetskommissioun...

► **M. le Président.** - Wann ech gelift, et ass e bësse vill Backgroundgeräisch. Lauschtert wann ech gelift der Rapportrice no.

► **Mme Josée Lorsché** (*déi gréng*), *rapportrice*. - Merci, dat ass ganz fein.

Ech wëilt dofir als Presidentin vun der Nohaltegkeetskommissioun e grouse Merci ausdrécken un all d'Memberen, déi matgeschafft hunn, fir hir konstruktiv Zesummenaarbecht a bal och guer net polemesch Zesummenaarbecht an deem Dossier.

Donieft wëilt ech awer och dem Rachel Moris, als Sekretärin vun der Kommissioun, Merci soen, an och de Fachleit aus dem Héichschoulsektor, déi eis Aarbechte begleet hunn.

Méi speziell handelt et sech beim Projet de loi 6697 ëm de Finanzement vun de Miwwelen a vum informatische Material fir folgend Etablissementen, déi ech op Franséisch benennen, well et eigentlech kee spezifesch lëtzebuergeschen Numm fir des Gebailechkeete gëtt.

Dat sinn:

- d'Maison du Savoir,
- d'Maison des Sciences humaines,
- d'Maison du Nombre,
- d'Maison des Arts et des Étudiants,
- d'Maison de l'Innovation,
- d'Maison du Livre,
- de Centre de Calcul,
- d'Hall des Ingénieurs an
- de Bâtiment des Laboratoires.

Woubäi ze bemerken ass, datt déi definitiv Ausstattung vum Laboratoiresgebaai oder vun de Laboratoireseenheeten net integral an de Programm vun deem Projet gefloss sinn, dat aus wëssenschaftlechen an techneschen Ursachen. Fir déi Eenheete gëtt donieft nach e spe-

ziellt Gesetz ausgeschafft.

All des Gebaier sinn iwwer sechs verschidde Gesetzter an de Joren 2008-2012 autoriséiert ginn an definéiert ginn.

Verschidden Deeler vun deene Gebaier ginn nach aneren Entitéiten, wéi där vun der Uni Lëtzebuerg, zur Verfügung gestallt, an och déi Entitéite kënne vun desen Equipementer profitéieren.

Dat sinn:

- de lëtzebuergeschen Zenter fir Biomedezin,
- den CRP Henri Tudor,
- den CEPS/Instead,
- de Fonds national de la recherche,
- d'Fondation Restena,
- de Goupement d'intérêt économique Luxinnovation an
- de Weiterbildungszenter Dr Robert Widong.

D'Dépenses, déi mat deem Gesetzesprojet engagéiert ginn, belafe sech op 140 Milliounen Euro.

D'Aarbechte gi vum Établissement public fir d'Realisatioun vun den Equipementer beim Stat duerchgefouert, dëst um Site Belval-West an no de Konditiounen an de Modalitéite vum Gesetz vum 25. Juli 2002.

Léif Kolleginnen a Kollegen, Dir kennt d'Virgeschicht vun deem Projet de loi. Se geet zrëck op d'90er Joren, also op déi Zäit, wou et drëms gaangen ass, 650 ha Industriefrichen am Süde vum Land opzewäerten.

D'Zil war, de Site Belval an d'Südregioun allgemeng ënnerhalb vun enger iwwerluechter an nohalteger Landesplanung ekonomesch a gesellschaftlech an d'Licht ze stellen. E Projet-phare vun där Politik war d'Schafung vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation.

De 25. Juli 2002 ass de Fonds Belval iwwer en deementspriedend Gesetz mandatéiert ginn, fir d'Cité des Sciences - ech soen elo nach just Cité des Sciences - ze bauen, an domadder souwuel de Besoine vun der Uni Lëtzebuerg wéi och deene vun de Centres de recherche publics Rechnung ze droen.

D'Cité des Sciences sollt also Raum schafe fir d'Aktivitéite vun der Recherche, der Wëssenschaft, der Innovation, der Literatur, der Mathematik an der technologescher Entwécklung. Wéi gesot, a Verbindung mat der Kreatioun vun der Uni Lëtzebuerg.

Tëscht 2002 an 2005 sinn déi néideg Virstudien an déi generell Programmation fir d'Cité des Sciences realiséiert ginn. Dëst an Zesummenaarbecht mat der Sociéitéit Agora, de Gemengen Esch/Uelzecht a Suessem an dem Ministère vum Enseignement supérieur et de la Recherche.

Opgrond vu feelenden Donnéeën, wat de Bedarf u Raimlechkeete fir d'Uni Lëtzebuerg ugeet, huet d'Commission d'analyse critique am Joer 2006 decidéiert, eng fundamental Analys dozou duerchzeféieren oder duerchféieren ze loossen, wat déi gebrauchte Surfaces, d'Implantatioun vu gemeinsame Services an den noutwendige Budget dofir ugeet.

Am Kader vun där Etüd ass festgehalde ginn, datt d'Präisser fir d'Bürosmiwwelen a gemeinsam Services sech op 1.450 Euro pro Quadratmeter Surface géife belafen, ausser bei de Laboratoires scientifiques, wou d'Dépensé bei 2.000 Euro de Quadratmeter sollte leien.

Op där Basis huet de Fonds Belval den 3. Oktober 2006 déi budgetär Enveloppe fir den Investissement fir d'Cité des Sciences am Ganzen op 565 Milliounen Euro geschätzt.

Dës Zomm war net an den Autorisationsgesetzter enthalen a sollt den Objet vun engem separate Finanzement ginn; haaptsächlech, well d'Evolution vun der Uni net virusgezegi war an och där net sollt virgegraff ginn.

Säit dem Gesetz vum 12. August 2003, wat der Uni Lëtzebuerg e juristesche Statut ginn huet, ass d'Ziel vun den ageschriwwene Studenten bedeitend geklommen a se klëmmt och weider vu Joer zu Joer. Fir souwuel der Evolution vun der Uni, awer och den Aktivitéite vun den CRPe Rechnung ze droen, ass bei der Cité des Sciences bewosst no engem flexibele Konzept gesicht ginn, fir optimal op déi jeeweileg Besoinen an op d'Entwécklung kënne ze reagéieren.

D'Realisatioun vum gesamte Projet beleeft sech op eng Lafdauer vu 15 bis 20 Joer an ass a successiv Phasen opgedeelt. Déi éischt Phas soll 2017/2018 ofgeschloss sinn a begräift den néidege Konstruktionsprogramm, fir datt d'Uni an d'CRPe kënne schaffen. D'Phasen 2 an 3 wäerten no de Besoinen an no der realer Entwécklung um Terrain ausgeriicht ginn.

Fir de genaue Verlaf vun de folgenden Décisions respektiv och den Netdécisionsen verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

E puer Wieder nach zum Avis vum Statsrot, dee mat ganzer aacht Säiten net ze knapp ausgefall ass an deen an der Kommissioun vum 3. Juli 2014 an all senge Punkten analyséiert ginn ass.

Virop bleift ze soen, datt de Statsrot mat enger Opposition formelle gedroht huet am Fall, dass am Gesetz just vun der Cité des Sciences géif geschwat ginn, ouni datt déi eenzel Gebailechkeeten opgezielt wäeren.

D'Kommissioun war sech eens, dem Statsrot nozekommen, an huet d'Opzielung vun de Gebailechkeeten an den Artikel 1 integréiert an den Intitulé och an deem Sënn ëmgeännert.

Déi héich Kierperschaft war dann och der Meinung, datt am Gesetzestext net d'ärf vun „Travaux“ geschwat ginn, mä vun Equipementen. D'Kommissioun huet des Remarque zur Kenntnis geholl, huet awer aus Zäitgrënn decidéiert, keen Amendement an deem Sënn um Text virzehuelen.

Doriwwer eraus huet de Statsrot drop higewisen, datt nëmme d'Maison des Sciences humaines an d'Maison de l'Innovation iwwert d'Gesetzter vum 18. Dezember 2009 a vum 28. Juli 2011 befugt wieren, aneren Entitéiten, wéi deene vun der Uni, hir Raimlechkeeten zur Verfügung ze stellen.

Aus deem Grond huet déi héich Kierperschaft d'Fro opgeworf, ob déi partiell Affectatioun vun der Maison du Savoir a vun der Maison de l'Innovation fir aner Zwecker wéi déi vun der Uni, déi zwee viregt Gesetzter eigentlech géife respektéieren.

An deem Sënn misst den Objet vun deenen zwee Gesetzter am Nachhinein méi preziséiert an ergänzt ginn an op dës Projet de loi ugepasst ginn.

Dann huet de Statsrot och op e Problem higewisen: dee vun der Urgence. En huet gemengt, datt et net den Här Bausch wär, den Nohaltegkeetsminister, deen d'Urgence kéint ausdrécken, mä dass dat misst de Premierminister sinn. An e war der Meinung, datt kee Projet de loi, datt keen Dokument géif virleien, wat op eng Urgence géif schlësse loossen.

Réckbléckend huet de Statsrot drun erënnert, datt déi éischt Autorisatioun vum Législateur, fir déi néideg Unisinfstrukturen ze schafen, op d'Joren 2008 an 2009 zrëckginn, an en huet bemierkt, datt largement genuch Zäit gewiescht wier, fir dës Projet de loi méi fréi auszuschaffen.

Doriwwer eraus huet en och d'Remarque gemacht, datt eng Dépense vun 140.000 Milliounen Euro - neen: vun 140 Milliounen Euro - d'Kreditter vun den ëffentleche Sanitär- a Sozialfongen zolidd géif iwwerschreiden a war der Meinung, datt dës Projet vun allen implizéierten Instanze ganz genee ënnert d'Lupp geholl misst ginn.

En anere Volet, deen de Statsrot am Kontext vu senger finanzieller Envergure kritiséiert huet, betrëfft déi initial Dispositioun, fir déi finanziell Enveloppe, déi d'Chamber sollt autoriséieren, mat enger Indexklausel ze versinn.

De Statsrot huet doran eng verstoppte Reserv fir eventuell Evaluationsfeeler gefaart a war der Meinung, datt den autoriséierte Montant vun 140 Milliounen an de folgende Joren net d'ärf iwwerschrott ginn.

D'Kommissioun huet dës Remarque Rechnung gedroen an huet d'Indexklausel, déi et erlaabt hätt, de Montant no uewen unzepasen, aus dem Text gestrach.

Wat déi zukünfteg Entwécklung vum Site a vun den Aktivitéiten ugeet, inklusiv deene vun de Laboratoiren, sou wäerten déi iwwer weider Gesetzter respektiv iwwer Conventiounen mam Fonds Belval geregelt ginn. De Statsrot hätt et virgezunn, dës Volete schonn a globaler Form an d'Gesetz ze integréieren.

D'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun ware schlussendlech der Meinung, datt se an Zukunft méi informéiert sollte ginn, wat a Richtung Planung bei der Uni Lëtzebuerg geschitt, a wollte sech eben an Zukunft méi oft mat der Kommissioun vum Enseignement supérieur gesinn, fir gemeinsam iwwert déi do Planung ze schwätzen.

Dat erweist sech als sënnavoll, well ebe sämtlech Infrastrukturprojeten - also och déi vun der Uni Lëtzebuerg - an d'Kompetenz vum Nohaltegkeetsminister falen an net an d'Kompetenz vum Minister vum Enseignement supérieur.

Fir d'Detailer vun der exakter Planung verweisen ech op d'Gesetz, wat mat ganzer 119 Säiten e konkreten Iwwerbléck iwwer all d'Elementer vun deem Projet liwwert.

Domat wier meng Aarbecht als Rapportrice schonn ofgeschloss. Och dat war eng Urgence.



Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal, Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Espace Médias SA / Polygraphic SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

Imprimeries

Saint-Paul Luxembourg s.a. 2, rue Christophe Plantin L-2988 Luxembourg,
Editpress s.a. 44, rue du Canal L-4050 Esch-sur-Alzette

Ech géif mech freeën, wann Dir dëse Projet géift stëmmen, well d'Uni soss schwéierlech ukënnt mat schaffen.

An deem Sënn ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Rapportrice, an d'Wuert huet direkt d'Madame Martine Hansen.

Discussion générale

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Merci, Här President.

► **M. le Président.** - Gären.

► **Mme Martine Hansen (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen esou vill Unisgebaier bauen, wéi mer wëllen: Wa se net dat néidegt Equipement hunn, da ka kee Mënsch schaffen, fuerschen a studéieren. An ech mengen, doriwwer si mer eis alleguer eens.

Ech wëll och elo net méi nach eemol am Detail op d'Equipement agoen. D'Madame Rapportrice, d'Madame Lorsché, huet dat ganz ausféierlech gemaach an hirem mëndlechen a schrëftleche Rapport, an ech soen hir villmools Merci dofir.

Jiddwereen, deem dëse Projet an der Lescht verfollegt huet, huet och matkritt, datt hei vill Hin an Hier war.

U sech sinn zwou Approchë par rapport zur Problematik hei gestallt ginn. Déi viregt Regierung hat um Ufank d'Approche, datt d'Uni sollt, fir hir Autonomie ze ënnersträichen, Propriétaire vun de Gebaier ginn, a folglech och misst d'Miwwelen an den Equipement iwwerhuelen. Dunn ass awer relativ séier kloer ginn, datt dann och missten d'CRPen, den FNR, etc. Propriétaire vun deenen Deeler vun de Gebaier ginn, déi si géife benotzen - an dat virun allem och, fir eng Ofhängegkeet zur Uni ze verhënnere.

Dëst hätt awer erëm ee Cadastre vertical fir déi eenzel Stäck erfuerdert. Nieft den Tatsaachen, datt dëse Kadaster definitiv net einfach ze kréie war, datt d'Organisation vun de gemeinsamen Deeler doduerch net onbedéngt vereinfacht gi wär, a well mer déi eenzel Gesetzesprojeten net wollte retardéieren, hu mer schonns d'lescht Joer dunn decidéiert, datt och fir d'Gebaier vu Belval de Stat géif Besëtzer bleiwen an der Uni, dem CRP, dem FNR an esou weider géif dës Gebaier zur Verfügung stellen. Dëst war also ee kleng Paradigmewiessel.

D'Fro vun den zwou Optiounen, déi ech lech viraus genannt hunn, war scho virun engem gudden Joer opgeworf ginn am Kader vum Finanzement vum Max-Planck-Institut. Mat deem Institut ware Verträge ofgeschloss ginn op onbestëmmten Dauer mat engem finanziellen Engagement vu ronn zéng Milliounen Euro d'Joer.

De Contrôle financier war hei zur Konkusioun komm, datt jo zwangsläufig no e puer Joer de Seuil vu 40 Milliounen Euro iwwerschritt géif ginn a folglech eng Loi spéciale néideg wier. Duerch dës Positioun vum Contrôle financier ass deemools d'Debatt lancéiert gi vun der Méiglechkeet vun engem separate Gesetz, well bis dato eben de Wëllen do war, dat iwwert d'Dotatioun vum Budget un d'Uni ze maachen.

An deem Kader war mäi Virgänger och am März 2013 an der Comexbu, well och deemools d'IGF der Regierung keng eendeiteg Antwort op dës Fro konnt ginn an eben dem Minister geroden hat, d'Comexbu ze consultéieren.

Déi al Regierung wollt d'Fro, wéi d'Equipement géife finanziert ginn, am Kader vum Budgetsprojert fir 2014 definitiv tranchéieren.

D'Préparatiounen heifir waren ugelaft. Mer hatten d'Informatiounen zum Deel zesummen, se waren net einfach zesummenzekeréieren, anerer sinn nach eemol nogefrot a mir wollten am Kader vun den Diskussiounen ëm de Budget och mat der Chamberskommissioun doriwwer schwätzen. Dir wësst awer all, wéi et gaangen ass: Am Juli - sou zimlech virun engem Joer - stoung fest, datt mer am Oktober oder am Hierscht keen - ech soen emol tëschent Gänseféisercher - „normalen“ Budget géifen opstellen an nom 20. Oktober 2013 waren där aler Regierung dunn definitiv d'Hänn gebonnen an et ass net méi souwäit komm.

Mä wichteg ass et, datt eis nei Universitéit, eis CRPen, eis Fuerschungszentren déi néideg Equipement kréien, fir hiren Aufgaben nozkommen, an duerfir ginn ech natierlech den Accord vun der CSV-Fraktioun zu deemem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci och der Madame Martine Hansen. Nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer e kuerzen historesche Réckbléck op de Belval an op d'Cité des Sciences.

1996 gouf decidéiert am Kader vun der Stoltripartite, datt d'Regierung an d'Arbed eng Sociétéit géife grënnen, fir d'Reconversion vun den alen Arbedssiten ze studéieren; Belval, Eilereng, Rodange an Terres Rouges. E GIE ass an deem Kontext gegrënnt ginn.

1998 ginn d'Aarbechten un, fir e Masterplan op Belval-ouest auszeschaffen, an 1999 chargeiert de Regierungsrot deen deemolegen Innenminister, deen den Aménagement du territoire a senge Kompetenzen hat, mat der Koordinatioun vum Dossier.

2000 gëtt dunn d'Entwécklungsgesellschaft Agora gegrënnt an datselwecht Joer ass dann och de Projet-phare vun der Cité des Sciences eng éischte Kéier am Mee 2000 hei an der Chamber virgestallt ginn.

De Fonds Belval ass 2002 gegrënnt ginn, fir d'Realisatioun vun der Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation ze realiséieren.

Du goufen 2002 bis 2005 d'urbanistesche Etüden an déi allgemeng Programmation vum Projet Cité des Sciences realiséiert a Kollaboratioun mat der Agora, mat de Gemengen Esch a Suessem an och mat dem Ministère des Études supérieures et de la Recherche.

2005 huet dunn de Regierungsrot Belval als Site unique fir d'Uni zrëckbehalen. An ech ka mech nach ganz gutt un den Telefon d'Études Hochschul-Informations-System vun Hannover mat enger Etüd. Opgrond vun dëser Etüd ass dunn och 2006 erauskom a vum Fonds Belval eng budgetär Enveloppe fir d'Investissemter fir d'Cité des Sciences evaluéiert ginn, an dat op 565 Milliounen Euro.

2006, opgrond vu feelenden Donnéeën iwwert d'Besoinen vun der Uni, beoptragt d'Commission d'analyse critique de Bureau d'études Hochschul-Informations-System vun Hannover mat enger Etüd. Opgrond vun dëser Etüd ass dunn och 2006 erauskom a vum Fonds Belval eng budgetär Enveloppe fir d'Investissemter fir d'Cité des Sciences evaluéiert ginn, an dat op 565 Milliounen Euro.

Am Juni 2011 ass déi Zomm awer reduzéiert ginn op 306 Milliounen Euro an am September 2011 hunn dunn d'Ministère Biltgen fir d'Héichschoul, Frieden fir d'Finanzen a Wiseler

fir d'Infrastrukture sech getraff - ech huelen un, dass si sech méi oft am September getraff hunn, mä hei war eng Kéier, wou se iwwert d'Uni geschwat hunn. D'Uni hätt missen an deem Kontext en Inventär virleeën iwwer hir Equipementer, déi mat op Belval geplënnert sollte ginn, an iwwert d'Evolutioun vun hiren Effektiver.

Am Januar 2012 huet dunn den Direkter vun der Uni gefrot, fir Präzisiounen iwwert d'Finanzéierung vun den Equipementer ze kréien. An am Februar 2012 ass du gesot ginn, datt d'Equipementer sollen iwwert déi intern Budgete vun der Uni a vun den CRPe finanziert ginn De Fonds Belval sollt just de Suivi technique hei assuréieren.

Am September huet dunn de Fonds Belval dem MDDI - also dem Ministère du Développement durable et des Infrastructures - en Tableau matgedeelt, wat d'Equipementer, déi zum Deel, voire zu honnert Prozent besat wäerten oder sollte ginn, ugeet, a si hunn hire Planning dunn och adaptéiert.

Am Oktober 2013 ass schlussendlech du festgehale ginn, dass d'Equipementer iwwert de Ministère de l'Enseignement supérieur et de la Recherche géife budgétiséiert ginn. Am Januar 2014 huet de Fonds Belval dunn e Projet de loi ausgeschafft an den 13. Juni dëst Joer ass deen an der Chamber déposéiert ginn.

Dat alles, fir lech ze soen, dass et vill Hin a Hier ginn ass tëschent deenen eenzelnen Instanzen - der Uni an dem Héichschulministère -, bis schlussendlech dunn eng Décisioun geholl ginn ass. Et muss een natierlech och soen, dass een an engem Land och net all Dag eng nei Uni baut an dass et eng Rei vun Iwwerleeunge gouf, déi een hei fir d'Éischt huet misse féieren an dat war dunn och net esou evident. An déi virgezunne Wahlen vum Oktober 2013 hunn natierlech och Hiert dozou bäigedroen.

Ech wollt awer hei soen, dass déi ganz Evolution an deem Dossier, wat d'Gérance vun deem Dossier ugeet, u sech kee ganz gutt Bild no bausse gëtt an och e gewëssene faden Nogeschmaach hannerléisst.

Et muss ee soen, dass, wann een ukënnegt, dass am September 2014 d'Uni Belval soll opgoen, an dann e puer Méint virdu gesot gëtt an der Press: „Mir hu keng Miwwelen, fir d'Studenten do ze accueilléieren.“, dass dat e falscht, kee gutt Bild hannerléisst an dass dat bei der Meenung dobaussen net ganz gutt ukënnt.

Dass et eng Rei vun Argumenter dofir ginn an och gutt Grënn dofir ginn, gëtt ëmmer schwieereg herno ze erklären, an dofir ass et u sech eng Démarche, déi hei elo geholl gouf, déi misst ee vläicht an Zukunft probéieren, ze éviéieren, well, bon, wann ee weess, datt och säit 2008 jo hei schonn déi éischt Décisiounen geholl goufen, fir d'Uni op de Belval ze bréngen!

Et muss een natierlech och wëssen, datt ee vun Ufank un net kann d'Miwwelen direkt an dëse Projet de loi mat aschreiwen, well ee jo net genau weess, wéi eng Fonctiounen, wéi eng Aarbechten direkt do ausgeféiert ginn an en cours de route och esou e Chantier nach evoluéiert.

Dat ass an alle Gemengen och esou, dass do eréischt d'Miwwele méi spët bestallt ginn. Hei war et awer esou, dass keng Kreditter virgesi waren, an dofir huet och elo missen d'Urgence dann invoquéiert ginn. Eng Urgence, zu där de Statsrot jo a sengem awer dach pikéierten Avis drop hiweist, datt u sech keen Dokument dobäi läit, fir d'Urgence richteg ze évoquéieren.

An deene leschte Jore wär richteg - dat seet hie jo och - Zäit gewiescht, fir dëse Projet de loi, vun deem mir haut schwätzen, auszeschaffen.

Et geet hei jo ëmmerhin net ëm Peanuts, 140 Milliounen, et ce n'est pas fini. Dat ass jo och net näischt an dofir wëll ech dat heiten eng Kéier gesot hunn, ouni awer hei e Reproche un déi eng oder déi aner spezifesch Adress ze maachen.

Ech weess ganz genau, dass et eng ganz Rei vu Grënn an Explikatiounen ginn, firwat dass d'Situatioun déi ass, déi se ass. Ech wollt awer soen, datt een dobaussen domadder net ëmmer ganz gutt ukënnt an dofir misst een dat an Zukunft da probéieren och ze éviéieren.

Am Endeffekt muss een awer soen, dass et éischter e prozedurale Problem war an et am Endeffekt och net méi kascht, wéi wa mer de Projet de loi schon éischter gemaach hätten. Dat ännert näischt an der Endzomm. Et hätt een déi Suen hei och missen engagéieren, wann de Projet de loi éischter op de Wee bruecht gi wär.

Et ass awer kloer, dass een déi sozial, wirtschaftlech a landesplaneresch Wichtegkeet, fir op Belval e Pôle économique et scientifique ze schafen, hei net méi muss ënnersträichen. A wann een déi Zomm vun 140 Milliounen

héiert, da muss een dat och an de Kontext setzen vun deene Leit, déi alleguer op der Uni sinn, schaffen a studéieren.

Ech wëllt vläicht eng Kéier e puer Zuelen nennen. Déi Zuele vum Dezember 2013 sinn: 6.157 Studente sinn op der Uni, 3.288 fir de Bachelor, 1.183 fir de Master a 545 Doktoranden, 107 Nationalitéiten an och ganzer 1.460 Employéen, déi do schaffen, mat 730 Vacataires, 48 Formatiounen ginn do ugebueden, eelef Unités de recherche, dräi Fakultéiten an zwee Centres interdisciplinaires.

Dat bedeit natierlech ganz vill Bureauen, dat bedeit vill Salles de réunion, dat bedeit ganz vill informatesch Material - och Auditoiren - an duerfir muss ee soen, dass déi Suen hei mat Sécherheet jo och net an de Sand gesat sinn. Dat ass ganz wichteg Material, fir datt hei och eng uerdentlech Aarbecht ka gelescht ginn.

D'Josée Lorsché ass a sengem exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport - fir deen ech him vun hei aus och e grouse Merci wëllt soen - op déi néng Haiser agaangen, déi, wéi gesot, schonn 2008 hei den Ufank gemaach hu mam Vote zur Maison du Savoir an déi duerch de Fonds Belval gebaut goufen.

Dass d'Uni eng Erfollegstory ass, weist och, dat d'Zuel vun de Studente kontinuéierlech an d'Luucht gaangen ass.

Déi éischt Phas vun der Uni op Belval soll 2017/2018 dann op en Enn goen an d'Phasen 2 an 3 sollen no den effektiven a reelle Besoinen vun der Uni an de Centres de recherche dann och adaptéiert ginn.

Mat deemem Projet de loi ginn d'Gebailechkeete mat Miwwele geféllt, se mat Liewe fëllen, dat mussen awer anerer. Et ass awer wichteg, dass d'Studenten, d'Proffen souwéi och d'administratiiv an och dat zousätzlecht Personal ënner uerdentleche Konditiounen hir Aarbechte musse kënnen maachen. An dofir, nach eng Kéier, déi 140 Milliounen sinn och dofir gutt investéiert.

Dat bestehend Mobiliar vun der aktueller Uni geet mat op de Site Belval, gëtt mat op de Site Belval geplënnert. Dat neit Material gëtt komplettéiert, also dëst bestehend Material. Et gëtt net méi deier, wéi wann et éischter gewosst wier. Ech wëll dat nach eng Kéier soen. Et sollt och kee Reproche un deen een oder deen anere sinn, mä déi Démarche misst an Zukunft anescht sinn.

Voilà. Merci fir d'Nolauschteren, an ech ginn heimadder och den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Merci dem Georges Engel. Nächste Riedner ass den Här Eugène Berger.

► **M. Eugène Berger (DP).** - Merci, Här President. Ab 2003 sinn éischt Décisiounen geholl ginn, fir hei zu Lëtzebuerg der Uni zwee Standbeener ze ginn. Zum engen an der Stad, wou ee weider d'Facultéite vum Droit, vun de Finanzen géif maachen. Op där anerer Säit sinn deemools déi éischt Iwwerleeungen oder Décisiounen geholl ginn, fir och dann am Süden um Site vun de Frichë vu Belval Facultéiten haapt-sächlech am Bereich vun de Wëssenschaften, technesche Wëssenschaften, Sciences humaines dann an d'Wee ze leeden. Duerfir ass dann och déi Iddi komm, fir déi sougenannten „Cité des Sciences, de la Recherche et de l'Innovation“ op de Frichen entstoen ze loossen.

Ech mengen, net nëmmen als Süddeputéierten huet dat een deemools gefreet, datt eben och den Ausbau vun enger Uni net nëmme fir de Süde wichteg ass, mä fir d'Land insgesamt, fir d'Land als Bildungsstanduert, als Fuerschungsstanduert, als Wirtschaftsstanduert, an dat géife mer jo och haut e bëssen ënnert deem Label vun „nation branding“ maachen.

Et war e Plus och natierlech fir d'Frichë vu Belval, wou neit Liewe sollt kommen, mat op där enger Säit Uni, Geschäfte, Fräizäit, Wunnen. Et war natierlech och en interessante Projet fir d'Entwécklung net nëmmen op de Frichen, mä doriwwer eraus an den Nopeschgemenge mat deenen neien Aktivitéiten, déi do kënnen kommen, an den Nopeschgemengen, wa Studenten do wunnen, wann Enseignanten do wunnen, an esou weider.

Et war eigentlech jiddwerengem dru geleeën, Här President, datt déi Uni Belval och esou schnell wéi méiglech sollt op d'Schinne kommen. Zil war et eigentlech, fir 2012-2014 do kënnen eng Uni ze hunn, déi kéint fonctionnéieren. An nach virun zwee, dräi Joer huet ee sech alt schonn an de Calepin ageschriwwen, wéi wa kuerz virun de Wahlen 2014 wäert



d'Ouverture vun der Uni zu Belval sinn.

Et huet een och gesinn, wann een den Historique kuckt, ab 2006 ass et méi konkret gi mat de Pläng, mat der Planung, mat dem Finanzement, mat de Spuetstécher. Mer kënnen eis nach erënneren, déi eng oder aner, wa mer beim Bagger do stoungen. Wéi gesot, jiddweren huet gehofft, datt dat géif schnell virугоen.

Wann een eng Uni baut, dann ass et jo kloer, datt dat net nëmme Gebaier sinn, datt dat net nëmmen en Ustrach ass, datt dat net nëmmen Tapéite sinn. Bei enger Uni, do brauch een och Bänken, et brauch ee Laboen, et brauch ee Computeren an esou weider, soss kann een net fonctionnéieren.

Ech mengen, et ass eng Évidence même, datt een also bei enger Uni och muss den Équipement mat aplangen an d'Konzeptioun, an eben och, wéi een dat soll ëmsetzen, wéi een dat soll finanzéieren.

An et ass natierlech dann erstaunlech, dat war den neien Héichschoulminister, wéi den de 4. Dezember dann ugetrueden ass am Ministère, zesumme mam Statssekretär, do hat den och nach am Hannerkapp, datt en awer vläicht kéint 2014 da sech op de Lorbeeren ausroue vun deene viregten Héichschoulministernen an da kéint do de Bändchen duerchschniden. E war zimlech erstaunt, wéi en do an de Ministère komm ass, well do war guer näischt préparéiert fir de Mobiliar, fir dat dann och kënnen..., fir de Mobiliar, soen ech, fir d'Équipement, fir dat dann och kënne schnellstens ulafen ze loosse. Respektiv war och nach guer näischt, oder en hat sech vläicht scho virgestallt, datt dat schonn amgaang wier ze lafen. Et waren emol keng Budgete virgesi fir den Équipement, an dat war also Januar oder respektiv Dezember 2013. Et stoung e fäerdeg Gebai do, mä näischt war gemaach ginn, fir kënnen dann dat Gebai adequat ze équipéieren.

Et ass esou, datt déi fréier CSV-Héichschoulministernen, souwuel den Här Biltgen wéi och déi fréier Héichschoulministesch Madame Hansen, déi haten eigentlech net déi noutwendeg Initiativen, déi Décisiounen geholl, fir dat Equipement kënnen ze finanzéieren, mat dem Resultat, dat mer elo hunn, datt also d'Uni Belval net wäert 2014, wéi et emol virgesi war, kann opgoen, mä datt mer ganz grouss Verspéidung wäerte kréien. Elo ass Rieds vun 2015, wann d'Diere kënnen opgoen. Dat muss ee bedauern. Bedauern ass eigentlech nach zimlech diplomatesch ausgedréckt!

Et ass elo einfach, hat ech hei esou d'Impressioun, wann ech och déi fréier Héichschoulministesch héieren hunn, bon, et ass esou an deem Genre: „Et ass domm gaangen, passons à l'ordre du jour.“ Ech mengen, et muss een awer hei och Froe stellen, firwat näischt gemaach ginn ass.

D'Noutwendegkeet vum Finanzement vum Équipement war laang gewosst. An der Comexbu, an där Reunioun, déi mer virun e puer Wochen haten, ass nach eng Kéier eng Note verdeelt gi mat deene wichtegen Daten, mat Réuniounen, déi säit 2011, also virun dräi Joer, schonn ugefaangen hunn.

Fir nach eng Kéier kuerz ze rappéléieren: Mir kruten déi Note an der Comexbu ausgedeelt, éischt Réuniounen waren, fir den Équipement ze organiséieren, 2011, also virun dräi Joer. Do ass gekuckt ginn, wat gebraucht gëtt, et ass en Inventar gemaach ginn, wéi vill Budget néideg ass. Et ass deemools vun enger Enveloppe vun iwwer 300 Milliounen Rieds gaangen.

An et ass och gekuckt ginn, wéi een dat Ganz finanzéieren kann, also virun dräi Joer. An do ass gesot ginn, do war Rieds fir de Budget 2012, fir do ënner iergendenger Form een do also sollt kucken, fir 2012 e Budget fräizestellen.

Och an där Note steet, datt deemools och d'Regierung informéiert war a sech Gedanken gemaach huet. Den deemolegen Héichschoulminister hätt den Nohaltegkeetsminister vun deemools an den Finanzminister vun deemools, den Här Wiseler an den Här Frieden, och informéiert, steet an där Note.

Et ass awer näischt konkret geschitt. Et ass näischt an d'Wee geleet ginn 2011, awer fir de Finanzement vun deem Équipement war ee sech op alle Fall scho bewosst.

Am Ufank 2012, och no där Note an deenen Informatiounen, déi mer kruten, fret d'Uni nach eng Kéier no, wéi dat da soll geschéie mam Finanzement, iwwert d'Budgeten, iwwer wat fir eng Weeër een dat kéint maachen: Fiert een iwwert de Budget vun dem Héichschoulministère oder anerer?

An erëm ass näischt geschitt während engem ganze Joer. Och am Budget 2013, also d'ganz Joer 2012, ass näischt Konkretes an d'Wee geleet ginn, an da war also och am Budget 2013 erëm näischt virgesinn, op där enger oder anerer Plaz. Egal wéi ee sech ugeluecht hätt, ech mengen, et hat ee genuch Zäit, fir ze iwwerleeën, wéi een dat kéint maachen. Erëm ass ee Joer verluer gaangen, an dann am Oktober 2013 ass erëm nach eng Kéier Rieds gaangen, fir dann iwwert de Budget vum Enseignement supérieur déi Equipementen ze finanzéieren.

Och 2013, do war nach eng Regierung am Amt, hätt se missen awer dann déi néideg Schrëtt, dat war eigentlech hir verdammte Pflicht, ënnerhuelen, fir dat den Dossier géif virukommen. En hat do schonn iwwer zwee Joer geschleeft.

An der Comexbu hate mer dann och, wéi een dann esou ass, an dat ass och déi normal Aufgab vun den Deputéierten, fir dann ze froen, well do och dann déi fréier Héichschoulministesch souz, fir ze froen, wat dann d'Ursaache wären. Se huet eis der hei elo virdrun e puer ginn, déi ech net esou richtig kann novollzéien.

An der Comexbu huet se e puer aner Erklärungen gi gehat. Déi Äntwerte konnt ech deemools och..., oder hunn ech awer komesch, befriedend fonnt. Ënner anere huet se gesot, et wären lywverleunge gefouert ginn, fir eventuell den Équipement aus anere Gebaier vun Unisgebaier, déi da géifen eidel ginn, wéi zum Beispill dem ISEIP, ze récupéréieren. Dat ass jo awer trotzdem eng komesch Logik, well Bänken, soen ech emol, kéint een nach aus esou engem Gebai huelen, mä esou eng Uni huet wierklech ganz spezifesch Equipementen.

Et geet Rieds vun engem Ordinateur oder vun engem Supercomputer vu 50, 60 Milliounen. Do brauch ee Laboen an esou weider. Ech mengen, deemools déi Erklärung schéngt mer relativ absurd, fir ze soen: Mir huelen einfach Miwwelen aus anere Gebaier, fir déi nei Uni ze équipéieren. Dann hätt een och nach mengetweege kënnen ee Spendenopruff maachen: Kuckt emol alleguerten am Keller, ob Der do net och nach iergendwou eppes hut, wat mer kënnen op der Uni Belval gebrauchen.

Duerno war nach eng Erklärung, datt gesot ginn ass: Jo, am Abrëll, den 1. Abrëll 2013 hätt d'Uni eis dat misse soen, déi hätt missen do de Plang dohinnerleeën, do war si nach net do. Stëmmt! Mä hire Virgänger huet dunn och näischt gemaach. Mä iergendeng Kéier duerno muss jo awer de Problem bewosst gewiescht sinn an et ass einfach näischt gemaach ginn.

Ech mengen, hei an deem Dossier kann een natierlech technesch Erklärungen ginn a soen, et hätt een iwwerluecht an hei an do. Ma nach ass dat hei awer och en Dossier, wou een awer och eng Kéier muss mam Fanger op déi politesch Responsabilitéit weisen, firwat mer hei esou a Veruch kommen, soudatt d'Uni Belval wäert eréischt am Hierscht 2015 opgoen. Et ass einfach d'Responsabilitéit vu fréieren CSV-Héichschoulministernen, déi net déi néideg Mesurë geholl hunn, déi néideg Schrëtt geholl hunn, fir dat kënnen ze maachen. An, ech mengen, wa se nach am Amt wieren, géif een haut eigentlech bal bei deser Diskussioun net derlaanschtkommen, hir Demissioun ze froen, wa se, wéi gesot, nach am Amt wieren. Mä dat si se haut net méi.

Ech sinn op alle Fall frou, datt déi nei Responsable an deene verschiddene Ministären - ugefaange beim Claude Meisch an dem Statssekretär wéi awer och den Nohaltegkeetsminister - wierklech direkt am Januar, wéi se den Dossier respektiv déi eidel Tirang virfonnt hunn, ganz schnell reagiert hunn. Se hunn an e puer Wochen en Dossier op d'Bee gestallt. D'Aarbechte si ganz schnell an der Kommissioun oder an deene verschiddene Kommissiounen gemaach ginn. Duerfir hoffe mer elo, datt dann dee Projet esou schnell wéi méiglech ka weidergoen.

Mir bedauern awer, datt duerch dat ganz Verschleefe vun deene fréiere Ministernen hei d'Uni Belval, déi eis wierklech wichteg ass, net nëmmen am Süden, mä am ganze Land, iwwer zwee Joer Retard kritt.

Dat gesot, bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - D'Wuert huet elo den Här Justin Turpel.

► **M. Justin Turpel (déi Lénk).** - Merci, Här President. An deem Dossier hei ginn et véier Tatsaachen, déi kee Mënsch kann niéieren, an och net niéiert.

Éischt Tatsaach ass déi: Déi noutwendeg Equipementen, fir d'Uni an d'Centres de recherche

um Site Belval fonctionnéieren ze loossen, waren net virgesinn, obschonn esou Equipementen e wesentleche Bestanddeel si vun deem, wat ee brauch, fir kënnen eng Uni fonctionnéieren ze dinn.

Zweet Tatsaach: De Gebrauch vun deenen Equipementen ass eng absolut Noutwendegkeet, fir datt et ka funktionéieren, an datt se elo net do sinn, ass eng vun den Ursaachen, firwat datt d'Uni méi spéit plënnert.

Déi drëtt Tatsaach ass déi, datt och bis elo nach net alles gekläert ass, wat op eis zoukënn. Ech wëll drop hiweisen, datt och an der Kommissioun gesot ginn ass, datt nach een Doute besteet par rapport zu dem Équipement vun de Laboen am Keller, also héich technologesch Laboen, wou 150 m² virgesi sinn, wou ee sech d'Fro awer muss stellen, ob een déi awer net soll ausbauen - wat jo eng sënnvoll Fro ass - an dat ka bis zu 4.500 m² sinn, wann ech dat richtig verstane hunn, mat deem entspreche Käschtapunkt, deen de Moment nach net festgeluecht ka ginn.

Déi véiert Tatsaach ass déi, datt d'Netplënnere vun der Uni a vun de Centres de recherche op de Site Belval, dat heescht, datt se do bleiwe mussen, wou se elo sinn, och Sue kaschten. Et wier och interessant, fir emol gewuer ze ginn, wéi vill datt dat zousätzlech ausmécht.

Iwwert déi véier Tatsaachen eraus gëtt hei vill diskutéiert doriwuer, wie schold soll dru sinn, datt dat elo esou ass. A besonnesch den Här Berger huet elo ee ganz laangen Exkurs gemaach, fir ze soen, datt dat déi Regierung virdu war. An déi Regierung virdrun gëtt och net midd, an der Kommissioun drop hinzeweisen, wat d'Schwieregkeete waren, fir dat ze maachen.

Mir wëllen net op déi Diskussioun vun der Schold agoen, well mer mengen, se huet haaptsächlech een Zweck, nämlech fir vun engem anere Problem ofzelenken.

Trotzdem muss ee sech awer och d'Fro stellen, datt et komesch ass, datt en Établissement public - an deem Fall d'Uni - Suen engagéiert an der Héicht vun - ech mengen - 67 Milliounen Euro, déi net duerch Autorisatiounen vun der Chamber ofgedeckt sinn.

Et gëtt fir mech och eng Erklärung dozou. D'Erklärung ass relativ einfach: Well zu Lëtzebuerg jorelaang d'Meenung verbreet ginn ass, en Établissement public, besonnesch en Établissement public de droit privé, géif anere Regeln ënnerleien, wat de Budget ugeet. An dobäi ass dat guer net wouer. D'Budgeten, déi vum Stat allouéiert musse ginn, ënnerleien de Regele vum Stat a musse vun der Chamber autoriséiert sinn.

An ech hoffen, datt net nach aner Établissements publics de droit privé oder aner Organisme mengen, si wieren do wesentlech méi fräi, fir Dépensen ze maachen, ze engagéieren, wéi dat déi offiziell Prozedur eigentlech virgesäit. An ech hoffen, datt do net nach Illusiounen dorëmmer bestinn.

Dat gesot, wëll ech haaptsächlech drop hiweisen, datt, menger Meenung no, eng grouss Gefor hannert där Diskussioun hei stécht, iwwer Schold, Netschold, Retarden, an esou weider.

Nämlech d'Gefor ass déi, datt mat där Diskussioun soll ofgelenkt gi vun engem anere Problem, dee mer gëschter hei diskutéiert hunn, nämlech de Finanzpakt an d'Budgetsprozedur. An ech hoffen, datt de Message hei net dee soll sinn: Et si keng Sue virgesinn, et si keng Suen do, wa mer Sue brauchen, da mussen déi op d'Käschte vun aneren Ausgabe goen.

Well dat ass jo genee de Problem, dee mer gëschter hei diskutéiert hunn, nämlech ganz konkret den europäesche Fiskalpakt an déi nei Budgetskontrollprozedur, déi mer gëschter an d'nationaalt Recht ëmgesat hunn, déi keng Trennung méi mécht tëschent Investissementen a lafenden Dépensen, virun allem och am soziale Beräich.

An d'Gefor, déi mir gesinn an op déi mer hei ausdrécklech wëllen hiweisen, ass déi, datt d'Sozialdépendé gekierzt ginn, fir Investissementsdépendenzen ze maachen oder datt op deenen zwou Säite gekierzt gëtt opgrond vun deenen neie Budgetscontrainten, déi mer eis ginn hunn.

Duerfir ass et, eiser Meenung no, iwwer all Diskussioun iwwer Schold a Retarden a wat nach

op eis soll zoukommen, wichteg, iwwer all Diskussioun iwwert d'Noutwendegkeet, déi net a Fro gestallt ass, fir déi Equipementen do ze maachen, datt dat net geschitt opgrond vun anere sozialen Ausgaben, déi mer och grad esou wichteg brauchen.

Ech mengen, de Mëtteg hu mer ee Projet, iwwert dee mer wäerten diskutéieren, Här Berger, a bei deem mer gesinn, wéi eng Konsequenzen esou eng Politik huet, wéi Dir se de Moment amgaange sidd ze maachen.

Merci.

► **M. le Président.** - Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss an d'Wuert huet den Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister.

Prises de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.** - Merci, Här Minister. Ech wollt op dee souzesoene technischen Volet agoen an herno wäert de Statssekretär am Héichschoulministère nach e puer Wuert soen iwwert déi méi inhaltlech Froen am Zesummenhank mat der Uni.

Ech wëll fir d'Éischt och alle Riedner Merci soen, an och e Merci fir déi grouss Zoustëmmung, déi ech zu deem Projet hei wäert kréien.

Ech mengen, de 4. Dezember sinn ech als Minister vereedegt ginn an direkt an engem éischte Conseil de Gouvernement, well ee vu menge Beamte mech iwwer en Émwee dorop opmierksam gemaach huet... Well den Equipement vun der Uni war jo guer net am Optrag vum Fonds Belval a vu mengem Ministère, fir sech dorëms ze këmmere. Dat steet och ausdrécklech esou an den Texten. Dat fannt Der och an där Note erëm, déi ech maache gelooss hu fir d'Comexbu, wéi ech deemools an der Comexbu war virun e puer Wochen.

De Fonds Belval sollt sech just ëm de Bau vun de Gebaier an de Mobilier fixe këmmere, dat heescht de Sanitaire an alles, wat fixe agebaut ass am Gebai. An et war ganz kloer - dat fannt Der eraus an all deenen Texten -, datt am Fond de Rescht hätt sollen entweder iwwer eng Dotatioun vun der Uni selwer finanzéiert ginn oder iwwer e Budgetsartikel am Héichschoulministère.

Et war awer dunn duerch Zoufall, datt ee vu menge Beamte gewuer ginn ass oder ugeschwat ginn ass vun engem Verrieder vun der Uni, wéi et dann elo wär, well si bräichten onbedéngt déi Equipementen. An doropshin hunn ech am Regierungsrot d'Fro opgeworf. An dunn huet de Claude Meisch dat direkt gekuckt an do huet en awer festgestallt, datt an dem Douzièmes-provisoire-Budget näischt virgesi war fir deen Equipement, also mindestens net a sengem Ministère. An et ass och festgestallt ginn, datt d'Uni zwar nach eng Reserv hätt vu Suen, mä evidenterweis net genuch Suen hätt, fir dat ze finanzéieren, wat op eemol do um Dësch louch, wat dee ganzen Equipement géif kaschten.

Doropshin hunn ech dunn direkt proposéiert, da misst een awer elo schleunigst e Gesetzesprojet ausschaffen. An dat ass am Januar och dunn an Ugrëff geholl ginn. De Februar dëst Joer war eng éischt Versioun fäerdeg. An du krut ech awer vum Regierungsrot - wéi dat ëmmer de Fall ass - den Optrag, nach eng Kéier eng Analyse critique maachen ze loosse iwwert dat Ganz, wouduerch herno jo och nach eng Kéier 15 Milliounen agespuert gi sinn bei deem heite Gesetzesprojet. An doropshin ass dann den definitiven Text ausgeschafft ginn.

Ech mengen, et huet kee Wäert hei no Schëllegen ze sichen. Hei gëtt et just eppes, wat fir mech awer kloer ass, an dat ass, datt e falscht Verständnis besteet bei der Uni selwer iwwer hir Autonomie. Do läit de grouse Problem. Den Här Turpel huet et och elo indirekt ugeschwat.

D'Uni huet selbstverständlech Autonomie - an dozou stinn ech och, also dozou steet och déi heite Regierung -, mä dat heescht awer net, datt d'Uni an hirem eegenen Handeln sech net brauch un d'Kontabilitéitsgesetz ze halen, respektiv muss se kucken, datt se sech u Gesetz hält hei zu Lëtzebuerg.

An ech mengen, dat ass e bëssen do falsch verstande ginn. An ech kann lech och soen, wéi mer am Mäerz, Abrëll versicht hunn, déi Analyse critique ze maachen, datt et net einfach war, fir Donnéeën erauszukréien. Do ass am





Ufank gesot ginn: Jo, neen, mir brauchen lech iwwerhaapt keng Donnéeën ze ginn. A mir hu vill misse streiden, fir iwwerhaapt emol Donnéeën ze kréien, fir kënnen eng Fiche financière ze maachen, déi deelweis iwwerhaapt Kapp a Fouss hat, a fir iwwerhaapt och do erauszefannen, wat dann hannen a vir géif gebraucht ginn.

An ech mengen, dat ass eng Léier, déi mindestens elo emol hoffentlech d'Uni doraus awerzitt, datt och si gebonnen ass un d'Ausschreibungsgesetzgebung, un d'Kontabilitéitsgesetzgebung, an datt se gebieden ass, selbstverständlich am Kader vun hirer Autonomie, déi se huet, awer derfir ze suergen, datt déi Gesetzer an déi Texter respektéiert ginn. An duerfir ass et och esou, datt ech mech nëmme breetschloe gelooss hunn, fir hei elo d'Urgence iwwert d'Regierung invoquéieren ze loossen, et war am Statsrot, well et mer drëms gaangen ass, ze verhënnere, an dat wär jo d'Konsequenz gewiescht vun deem Ganzen, wa mer dat heien net géife maachen, da géifen déi Gebaier herno zwee Joer eidel an der Landschaft ronderëmstoen.

Also, et muss een awer soen, do géif awer definitiv all Mënsch eis zu Recht soen, ob mer zu Schilda ukomm wären. Nonobstant emol vum Fait, wat och gesot gëtt hei vum Buergermeeschter vu Suessem, vëlleg zu Recht, datt et eng immens Konsequenz huet fir d'Entwécklung vun där ganzer Friche, datt et eng ekonomesch Inzidenz huet fir dee Commerce, deen do ass, an esou weider an esou fort.

Also, ech mengen, dat wär jo net zouzemuden, an dat war och de Grond, firwat dat och an der Regierung gesot ginn ass, obscho mer hei am Verhältnis zu anere Bauteprojete relativ large waren a gekuckt hunn, mat deenen Zuelen, déi mer da kritt hunn, eens ze ginn. Fir déi Analyse critique ze maachen, ass et eis drëms gaangen, fir eben derfir ze suergen, datt déi Gebaier net zwee Joer eidel do stinn, an duerfir sinn ech och op de Wee gaangen, fir an d'Budgetskontrollkommissionen ze kommen, déi direkt ze informéieren an deen heite Wee virzeschloen. An duerfir sinn ech och frou, datt mer eis hei all eens sinn, datt mer unanime dat Gesetz herno wäerte stëmmen.

Mä, wéi gesot, Léiere mussen awer fir d'Uni doraus gezu ginn, an ech hoffen, datt an Zukunft dat verstane gëtt. Op alle Fall wäert ech derhannert bleiwen, well et kënn jo nach e Gesetz no, datt mer bei deem Gesetz wann ech gelift detailléiert Zuelen do leien hu fir d'Besoinen, a wann ech gelift och motivéiert, wéi dat sech gehéiert, well soss kréie mer awer hefteg Diskussiounen. Well elo hu mer jo Zäit, fir dat ze maachen, a mir sinn net méi ënnert deem Drock, wéi dat hei de Fall war.

Ech wëll och soen zu där Remarque vum Statsrot: Et ass net de Premierminister, deen d'Urgence invoquéiert, mä de Premierminister am Numm vun der Regierung, an et ass och esou gemaach ginn. Am Regierungsrot hunn ech gefrot, datt d'Regierung soll hei d'Urgence invoquéieren, an duerfir huet de Premierminister och selwer déi invoquéiert. A wann elo gesot gëtt, et ass net motivéiert genuch ginn, also pardon, ech mengen, et brauch een awer net wäit nozedenken, och als Statsrot, wann ee weess, datt et net tragbar wär, datt Gebaier géifen zwee Joer eidel an der Landschaft ronderëmstoen, respektiv datt dat ekonomesch zu deene Problemer kéint féieren, déi hei beschriwwen gi sinn. Ech mengen, dat misst awer als Urgence duergoen, als Motivatioun duergoen, fir hei och relativ séier en Avis ze kréien, dee mer, dat muss ech awer och soen, dann och relativ séier duerno kritt hunn, an duerfir, déi pikéiert Remarque, déi kann ech duerfir mat relativer Fassung awer huelen.

Dat wär et vu menger Säit. Wéi gesot, ech si frou, datt de Projet gestëmmt gëtt, fir datt déi Uni kann... Ah, dat wollt ech iwwregens nach soen: Et ass gemengt ginn hei, ech mengen, de Buergermeeschter vu Suessem huet dat gesot hei, d'Uni hätt sollen opgoen 2014. Dat ass net ganz richtig. Et war virgesinn, datt se am Februar 2015 opgaange wär. An et gëtt elo net Februar 2015, mä September 2015. Dat heescht, mir verléieren awer elo net extra vill Zäit, an ech mengen, dat ass dat, wat wichtig

ass. An duerfir, wéi gesot, sinn ech frou, datt dee Projet hei unanime gestëmmt gëtt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Bausch. An d'Wuert huet de Statssekretär am Héichschoulministère, den Här Marc Hansen.

► **M. Marc Hansen, Secrétaire d'État à l'Enseignement supérieur et à la Recherche.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir e puer Wiederer nach mat op de Wee ze ginn, wat den Enseignement supérieur ugeet an déi Urgence, déi do hei geschildert ginn ass, déi ass am Fong nach e bësse méi vast wéi just plënnere eriwuer vun der Uni op de Belval. Hannendru sinn nämlech e ganze Koup aner Siten, déi natierlech mat do betraff sinn. Wann d'Uni bis op de Belval geplënnert ass a wann dat e Retard kritt, da sinn aner Fakultéiten an aner Unitéiten, déi natierlech och mussen eriwuer plënnere an dat eent oder anert Gebai, an dat verzitt sech alles. An iwwerall, wou Retarde kommen a wann déi sech herno accumuléieren, gëtt de Problem fir d'Uni natierlech nach vill méi dramatesch. Dofir ass et wierklech wichteg, dass hei geplënnert gëtt.

Eppes, wat een awer och nach muss derbäisoen: Et ass sécher net méi d'Fréijoer 2015, mä September 2015, an dat kann natierlech, an dat soll een awer och hei éierlecherweis esou ernimmen, och nach eng kéier retardéiert ginn. An, wa mer mat deene Soumissiounen, déi elo nach kommen - a mir wësse jo all, dass dat grouss Soumissiounen sinn -, wann do Problemer optauchen, da kann et natierlech och Retarden do ginn, woubäi mer natierlech hoffen, dass dat net de Fall wäert sinn.

Ech géif der Rapportrice awer och Merci soen an awer och op där anerer Säit alle Mataarbechter aus deene concernéierte Ministère an dem Fonds Belval, well déi an de leschte Wochen awer wierklech Gas ginn hunn an intensiv zesummesouzen, fir dat doten ze regulariséieren.

Den Här Wolter huet éinescht geschwat vun der Presentatioun vun de Plan-sectoriellen an dem Auditoire, mengen ech, ebe vun der Uni, wou déi ganz Équipe amgaangen ass ronderëm ze kommen, an déi hunn natierlech alleguete festgestallt, dass d'Gebaier fäerdeg sinn, wat den Här Bausch natierlech och ernimmt huet. A wann een dat elo déi nächst zwee oder respektiv dräi Joer souguer eidel stoen hätt, da wär dat net gutt, souwuel fir den Image vun eise Land wéi dee vun der Uni, well de ganze Site Belval ass elo net nëmmen eng Imagegeschicht oder wéini ee plënnert oder eng Scholdfro, iwwert déi soll geschwat ginn, mä et ass och eng Attraktivitéitsaach fir d'Uni. Do sinn e ganze Koup vu Professoren oder Chercheuren, déi gär op Lëtzebuerg kommen an déi natierlech och wéint dem Site Belval an deem eenzegaartege Kontext natierlech och bei eis op d'Uni kommen, an dat gëtt och esou am Ausland ëmmer presentéiert an dat soll een natierlech och net aus den Ae verléieren.

Ee klengt Wuert awer och nach, fir zrëckzekommen op dat, wat gesot ginn ass vun der Madame Hansen, an zwar huet si och gesot, dass dat opgetaucht ass, déi ganz Problematik, bei dem Kontrakt, deen iwwert den MPI, also de Max-Planck-Institut, gemaach ginn ass. Dat ass deen nächste Problem, deen awer beim Enseignement supérieur wäert ustoen; dat Gesetz ass nämlech och um Instanzewee. An do ass et am Fong och genee d'selwescht gelaf, well ouni déi gesetzlech Basis deen MPI-Kontrakt ënnerschriwwen ginn ass. Et muss ee wëssen, dass dat e Kontrakt ass, dee ganz enk gebitt ass, deen op eng onbestëmmten Zäit leeft, deen awer 12 Milliounen Euro am Joer Engagementer mécht, an do sinn ëmmer Passer-outre gemaach ginn, fir dat ze finanzéieren. Dat ass och net dee richteg Wee, fir do ebe virzegoen.

Dat Gesetz wäert lech hei an der Chamber an deenen nächste Wochen och beschäftegen, an dat ass en ähnleche Problem, bei deem ee sech natierlech d'Fro ka stellen, wéi déi dote Saachen ugaange sinn, an dat dote kënn an nächster Zäit dann och op eis duer.

Ech sinn duerfir frou, wann et hei eng Unanimitéit gëtt a wa mer virukommen, well d'Uni,

Sommaire des séances publiques n°s 30 et 31

30^e séance

Ouverture de la séance publique p. 354

6597 - Projet de loi relatif à la coordination et à la gouvernance des finances publiques et modifiant:

- a) la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État
- b) la loi modifiée du 10 mars 1969 portant institution d'une inspection générale des finances p. 354-360

6631 - Projet de loi portant autorisation d'aliénation de trois immeubles administratifs en vue de leur location et de leur rachat p. 360-363

6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011 p. 363

Hommage à Mme Christiane Wickler p. 363

31^e séance

Ouverture de la séance publique p. 364

6552 - Projet de loi portant des dispositions fiscales diverses en vue de l'application de l'Accord entre l'Administration des contributions directes du Luxembourg et l'Agence des impôts du Ministère des Finances à Taipei, Taïwan tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et sur la fortune, et le Protocole y relatif, signés à Luxembourg le 19 décembre 2011 (suite) p. 364

Vérification des pouvoirs et assermentation de M. Gérard Anzia p. 364-365

6686 - Projet de loi modifiant l'article 6, paragraphe 1 de la loi modifiée du 20 avril 2009 relative à la responsabilité environnementale en ce qui concerne la prévention et la réparation des dommages environnementaux p. 365-366

6654 - Projet de loi relative à l'adaptation budgétaire du projet de construction d'une liaison routière avec la Sarre et autorisant la construction de l'échangeur de Hellange avec raccordement à l'autoroute A13 et à la route nationale N13 p. 366-372

6697 - Projet de loi relatif à l'équipement meublant, scientifique, informatique et autre de certains bâtiments de la Cité des Sciences à Belval p. 372-375

déi waart dorobber, an net nëmmen d'Uni, mä och d'Centre-de-recherchen.

Den Här Turpel huet berechtelterweis och d'Fro gestallt, wat dat doten als Folgekäschten och nach soss dorëmmer huet, well do musse Loyerskontrakter elo nach verlängert ginn, wou déi verschidden Entitéite sëtzen, a mir mussen eng kéier do de Bilan maachen, wann alleguerten d'Zäitspanen definitiv bekannt sinn, wéi laang nach dat een oder dat anert Institut muss dorëmmer bleiwen. Duerfir ass et ganz gutt, wa mer haut dat heite kënnen stëmmen, fir dass mer dann esou séier wéi méiglech virukommen.

Ech wëll awer och soen, dass, wa mer déi Zommen eng kéier hei nieftenee leeën, een awer och do mierkt, wat an dem Zäitraum elo '14-'17 alles an den Enseignement supérieur an an d'Recherche gestach gëtt, nieft de Gebaier vu 565 Milliounen Euro. Den Här Engel huet et gesot: Et kommen elo nach eng kéier déi heiten 140 Milliounen Euro derbäi. Da kommen och, wéi d'Rapportrice et bemierkt huet, nach eng kéier Zomme mat derbäi bei deenen nächste Schrëtt, déi mer eben do virun ons leien hunn. An déi lescht Contrats de performance an de Contrat d'établissement mat der Uni si jo och ënnerschriwwen ginn elo fir d'Zäite '14-'17. Dat ass nach eng kéier 1,1 Milliard Euro, an da kommen natierlech och nach do hannendrun déi nächste Gebaier.

Dat heescht, dat weist awer och, wat an den nächste Joren hei an der Recherche an am Enseignement supérieur geschitt, an dofir solle mer op jidde Fall hei virukommen an alleguerten un deemselwechte Strang zeien, fir dass mer ganz séier déi Gebaier beluecht kréie mat der Universitéit an de Centre-de-recherchen, fir dass mer d'Fuerschung an d'Universitéit awer och als weidere Pôle d'attractivité souwuel fir de Belval wéi fir eist Land kënnen positionéieren.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci och. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen iwwert de Projet de loi 6697 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6697 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen.

D'Ofstëmmung ass fäerdeg. De Projet 6697 ass unanime mat 60 Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Laurent Mosar), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Junker (par M. Claude Wiseler), Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz (par Mme Octavie Modert), Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry (par M. Roger Negri), Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par Mme Claudia Dall'Agnol), Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. Gusty Graas), Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Justin Turpel et Serge Urbany.


Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete verfassungsméissege Vote ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

Dann ass domat eis ëffentlech Sëtzung vun de Moien eriwuer a mir gesinn eis um zwou Auer erëm. Merci a gudden Appetit!

(Fin de la séance publique à 12.32 heures)



Suivez la Chambre des Députés sur Facebook et Twitter

